



N°6957
Entrée le 04.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Gesondheet weiderzeleeden.

D'Zuehle u Covid-19-Infektiounen sinn de Moment erëm am Gaange mat klammen. War d'Inzidenz de 5te September nach bei 117 op 100'000 Awunner, waren et beim leschte Rapport vum 25ten September schonn 201 op 100'000 Awunner. 16,3% vun de Neiinfizéierten an der leschter Septemberwoch waren dann iwwer 60 Joer al.

An deem Zesammenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'Situatioun momentan an den Alters- a Fleegeheemer? Wéi vill Léit sinn am Moment positiv op Covid-19 getest ginn (opgeléicht jee no Alters- respektiv Fleegeheem) ?
2. Wéi vill Prozent vun de Residente sinn dat an deene jeeweilege Strukturen?
3. Ginn et Alters- a Fleegeheemer, an deene verschidde Servicer, wéi zum Beispill d'Restauranten, virleefeg zougemaach goufen an deene leschten 8 Wochen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu



**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Famill- an Integratioun an vun der
Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6957 vum 4. Oktober 2022 vum Här
Deputéierten Sven Clement an vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

De 4. Oktober 2022 ware 54 Bewunner aus 14 verschiddenen Alters- a Fleegeheemer positiv op Covid-19 getest. Betraff ware wéi gesot deen Ament 14 verschidde Wunnstrukturen vun 52.

Ee Bewunner ass aktuell hospitaliséiert.

Déi 52 Alters- a Fleegeheemer hunn eng Kapazitéit vun 6.403 Better: dëst entsprécht mat 54 betroffenen Bewunner engem Pourcentage vun 0.81% u Bewunner aus Alters- a Fleegeheemer déi aktuell positiv op Covid-19 getest sinn. Och wann net all Bett am Moment beluecht ass, mee an der Moyenne eng Occupatioun vu 95% de Fall ass, sou läit den Taux un positiv getesten Bewunner weiderhin ënner 1% (0,88%).

D'Recommandatiounen fir Alters- a Fleegeheemer¹ si weider gültig bis den 31. Oktober an sinn alignéiert op d'Covid-Gesetz. Iwwer deen Datum eraus ginn déi zwee Texter un d'Situatioun ugepasst, wéi se sech dee Moment presentéiert.

Am aktuellen Covid-Gesetz² an den aktuelle Recommendatiounen ass zB d'Droe vun engem Mask nach ëmmer obligatoresch fir d'Personal, déi extern Prestatairen an och fir de Besuch.

Wéi och an de Recommendatioune festgehalen, stinn déi betreffen Haiser an Gestionnairen a Kontakt mat der Inspection sanitaire, wou zesummen (zum Deel op der Plaz) Léisunge fonnt ginn, fir op der enger Säit d'Bewunner ze schützen an awer och op der anerer Säit, déi individuell Fräiheeten beschtméiglechst ze erhalen.

Et ass aktuell een Haus wat den Restaurant an Ofsprooch mat Bewunner a mat de Familljen zougemaach huet.

An alle Situatiounen wou Bewunner positiv getest gi sinn, sinn des Bewunner isoléiert an ginn individuell vum Fleegepersonal betreit.

Allgemeng ass den Verlaf vun der Erkrankung mat lichten Symptomer verbonnen.

¹ <https://mfamigr.gouvernement.lu/dam-assets/dossiers/faq/211019-cipa/14-juillet/recommandations-cipa-ms-le-14072022.pdf>

² Loi du 17 juillet 2020 portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 Art. 4.(1) Le port du masque est obligatoire pour toute personne à l'intérieur d'un établissement hospitalier, d'une structure d'hébergement pour personnes âgées, d'un centre psycho-gériatrique, d'un réseau d'aides et de soins, à l'exception du patient hospitalisé, du pensionnaire ou de l'utilisateur, ainsi que des enfants âgés de moins de six ans.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Lëtzebuerg, den 06 /10/2022.

D' Ministesch fir Famill- an Integratioun

(s.) Corinne Cahen